adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
19 AVR. 2016
2017

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 7. Abrëll 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

All Joer kréien d'Bierger iwwer d'Gemengen de Grondsteierbescheed A oder B zougeschéckt. Verschidde Bierger mussen awer eng Verspéidung vun iwwer 4 Joer feststellen, wat d'Androungen am Kadaster betrëfft, am Fall wou een Terrain op een neie Proprietaire iwwerdroen ginn ass.

Am Steierbescheed steet awer d'lescht Joer ganz kloer folgende Passus: « La présente fixation, se référant aux droits de propriété du 01.01.2015 est basée sur la situation du fichier au 1.10.2015. » Dëse Fichier ass leider net à jour, do derbäi kënnen d'Leit och net genee nokucken, op wéi eng Proprieteit si Grondsteier bezuelen oder net. An der sougenannter Rubrik « Valeur unitaire » ka kee genee eraus liesen, op wat fir engen Proprietéiten hie muss Grondsteier bezuelen.

An dësem Kontext géif ech gären dës Froen un den Här Minister riichten:

1.) Op Grond vu wat fir engen Ursaache sinn hei esou grouss Retardë bei der Aktualiséierung vun den Dossiere?
2.) Wat gedenkt den Här Minister ze ënnerhuele fir dëse Retard ze reduzéieren?
3.) Wär et net am Sënn vun der Transparenz, wann de Bierger am Detail géif informéiert ginn, op wat fir engen Propriétéiten hie muss Grondsteier bezuelen.

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
13 MAI 2016

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
43, boulevard Roosevelt
L-2450 LUXEMBOURG

Référence : 816x05e58

Luxembourg, le 13 mai 2016

**Concerne :** Question parlementaire n° 2017 du 19 avril 2016 de Monsieur le Député Gast Gibéryen concernant l'impôt foncier

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA

3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg

Tél. (+352) 247-82600
Fax (+352) 247-92625

Adresse postale
L-2931 Luxembourg

ministere-finances@fi.etat.lu
www.etat.lu

**Réponse de Monsieur le Ministre des Finances à la question parlementaire n° 2017 du 19 avril 2016 de Monsieur le Député Gast Gibéryen**

Fro Nö 1

Et muss een ënnerscheeden tëschent den A an de B Dossieren.

Waat d'A Dossieren betrëfft, sou ass et meeschtens esou, dass déi Dossieren à jour sin. Eventuell Retarden sin dorop zereckzeféieren, datt d'Zuel vun den Dossieren tëschent dem 31.12.2008 an dem 31.12.2015 vun 281.544 op 317.860 geklomm ass.

Bei den B Dossieren ass d'Saach méi komplizéiert, well hei de « service des évaluations immobilières » (ofgekierzt : SEVI) op d'Mataarbecht vun den Gemengen ugewisen ass, souwäit et sech em Neibauten handelt an wou eng Emklasséierung muss virgeholl gin. D'Emklasséieren vun Grondstécker gëtt virgeholl op Basis vun engem Relevé vun den Neibauten deen d'Gemengen Joer fir Joer opstellen a bis Enn Januar (fir dat ofgelafent Joer) sollen areechen. Desen Termäin vun Enn Januar anzehalen ass wichteg, fir datt de SEVI genuch Zäit huet fir déi Releveen ze kontrolléiren, de Bauhären e Formular ze schécken op deem de Bau beschriwen gëtt an duerno eng Bewärtung vum Gebäi ze maachen. Leider ass et esou, datt eng Rei Gemengen den Termäin vun Enn Januar net respektéieren. Fir d'Joer 2015 zum Beispill hunn 24 Gemengen um Datum vum 10.05.2016 nach kee Relevé agereecht. Vun deenen anere Gemengen hun der 24 hiere Relevé mat Verspéidung, dat heescht no dem 31.01.2016 agereecht.

Den einfache Verkaaf vun engem Terrain deen zum Grondvermëigen gehéiert, stellt generell kee Probleem duer, an hei ass et esou, datt de Fichier vum SEVI meeschtens à jour ass.

Fro Nö 2

Duerch d'Informatisatioun an d'Erhéijung vum Personal sollen d'Retarden ofgebaut gin.

Fro Nö 3

Hei musse mir differenzéieren tëschent den A an den B Dossieren engersäits an den Eenheetswärtbulletinen an den Grondsteierbulletinen aanerersäits.

Aus informateschen Grënn ass et am Moment net méiglech, d'Kadasternummeren op den Bulletin vum Eenheetswärt vun den A Dossieren anzedroen. Heizou sief gesoot, datt et A Dossieren gëtt déi bis zu honnert a méi Kadasternummeren begräifen.

Bei den B Dossieren gëtt eng oder méi Kadasternummeren an alle Fäll op den Bulletin vum Eenheetswärt agedroen. Aus informateschen Grënn ass awer d'Plaaz limitéiert wou een déi Nummeren kann androen.

Waat elo d'Grondsteierbulletinen ugeet, sou sief gesoot, datt déi Bulletinen déi vun der Steierverwaltung fir d'Gemengen imprimeiert ginn, d'Indikatioun vun den Kadasternummeren net virgesinn ass.

Souwäit et sech hei ëm B Dossieren handelt steet awer d'Adress vum Grondstéck normalerweis drop. Ausserdeem kann de Bierger erausfannen ëm waat fir eng Kadasternummer et sech handelt wann hien den Eenheetswärtbulletin mam Grondsteierbulletin vergläicht. D'Dossiersnummeren sin nämlech identesch.